# Club Am Schlass

*centre de rencontre*



| SUMMER |

2023



# DE "CLUB AM SCHLASS"
# SUMMER 2023



Léif Frënn vum Club Am Schlass,

Elo wou et erëm laang hell ass a mir eis drop freeë vill Zäit an der Natur ze verbréngen, wësse mir datt et Summer ass. Op flott Owender op der Terrass oder am Gaart, beim Grillen oder beim Pättchen ënner Frënn oder an der Famill, jidderee genéisst dës Zäit am Joer besonnesch, well mir all frou si fir Sonn ze tanken an domat och deen néidege Vitaminn D fir eis Schanken ophuelen.

Fir d'Beweegung wäert eisen Ed eis bestëmmt flott Weeër an der schéiner Natur weisen, wou et wichteg ass säi Waasser an dëser Joreszäit net ze vergiessen.


Fir déi, déi am Summer och mol léiwer am Dag dobanne sinn, stinn och erëm flott Kinosnomëtteger um Programm.

De Smartphone-Café, dee mëttlerweil ee grousse Succès huet, mécht eng kleng Paus bis an den Hierscht. Sou sinn eis Jugendlech erëm frësch fir nei ze starten.
Eng flott Visitt bei eise franséischen Nopere féiert eis an den Département Moselle fir ee bekannt " Schiffshebewerk" ze besichen. Mee och ee bekannte Spruddelwaasser aus der Äifel steet um Programm an ee ganz schéine Rousegaart net wäit vu Lëtzebuerg ewech.

An natierlech fuere mir och een Tour op eis schéi Musel maachen an do gëtt et kulinaresch.


Sou mir hoffen mir hunn Iech elo virwëtzeg gemaach an Dir huelt Iech Zäit fir duerch d'Broschür ze bliederen

*Mir freeën eis op Jech,*












Är Equipe vum Club Am Schlass


MARGOT JEMMING & JESSICA HARLES


→ clubamschlass@bertrange.lu

















**TRËPPELTIER**
mam
Edmond Pansin,
Margot Jemming
& Jessica Harles

**VISITT SCHIFFS-HEBEWERK**
St Louis
zu Arzviller
P.01

**VISITT GEROLSTEIN**
& Wolfspark
P.02

**VISITT ROUSEGAART**
Zweebrécken
P.03

**TOUR MARIE-ASTRID**
kulinaresch
Ronnfahrt
P.04

**FILM-NOMËTTEG**
« Les Souvenirs »
P.05

**FILM-NOMËTTEG**
"Ich bin dann
mal weg"
P.06

**FILM-NOMËTTEG**
"Tanz ins
Leben"
P.07

# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin,
Margot Jemming & Jessica Harles

**„Wandern ist mein Energiespender!“** (Gerlinde Kaltenbrunner, österreichische Bergsteigerin, *1970)

Endlech ass de Summer do, esou dass ee richteg Loscht kritt, zesumme mam Ed nei Weeër duerch eis schéi Bëscher ze entdecken.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

**Konditioun: Gutt zu Fouss**




Aus Respekt biede mir Iech d'Auerzaiten anzehalen!


* Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!
D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.




| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDES, 18\|07\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 01\|08\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 22\|08\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 05\|09\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |

UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRUN










# PROGRAMM VUN DE VISITTEN

# SUMMERFEST 2023


Summerfest 2023

Esou lues freeë mir eis all op d'Summervakanz, wou et bei jidderengem vläicht ee bësselche méi roueg gëtt an doduerch een sech och gutt erhuele kann.

Mee virdru wëlle mir Iech, zesumme mat der Kommissioun 50+, nach häerzlech op eist Summerfest invitéieren als Ofschloss fir eng ganz flott Saison.





## DONNESCHDES,
06 | 07 | 2023

TRËFFPUNKT: CENTRE ATERT
AUERZÄIT: 11:30

PRÄIS: 20 €
(IESSEN & 1 APÉRITIF)
UMELDUNG BIS : 20 | 06 | 2023

# 01

# VISITT PLAN INCLINÉ ST. LOUIS
## ZU ARZVILLER

# 01



Schiffshebewerk St. Louis

Dëst Wierk zu Arzviller ass ee Schëffslift, eenzegaarteg an Europa, wat um Kanal « Marne-au-Rhin » läit. Et ersetzt 17 Schleisen andeems d'Schëffer een Héichtenënnerscheed vu 44,55 Meter an e puer Minutten zréckleeën.

Mir besichen dëst Wierk a maachen uschléissend eng fantastesch Dallfaart u Bord vun engem Schëff, wou mir nach een Tour um Kanal dréinen.


Mëttes iesse mir an der Auberge de la Forêt zu Abreschviller.

Um Menü fir 37 € steet: Salade Vosgienne, Mignon de Porcelet mat Lingot de Pommes de Terre et Petits Légumes, Tarte Tatin a Gedrénks ( 1 Kir oder Jus, ¼ Wäin a Waasser an Expresso)

Dono geet et mat engem flotte Bëschzuch duerch eng fantastesch Landschaft laanscht déi rout Saar. Dës Damplokomotiv aus dem leschte Joerhonnert léist, bei enger Geschwindegkeet vu 15 Kilometer an der Stonn, eng Atmosphär a Sensatioun opkommen, déi schonns laang verschwonnen ass.









**MËTTWOCHS,**
**26 | 07 | 2023**

| | |
|---|---|
| TRËFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 07:00 |
| RETOUR: | GÉINT 19:30 |

| | |
|---|---|
| PRÄIS: | 65 € (OUNI IESSEN) |
| UMELDUNG BIS : | 18 \| 07 \| 2023 |

JULI

# VISITT VU GEROLSTEINER
# SPRUDDELWAASSER & WOLLEFSPARK

02



„Echte Kraft kommt aus der Natur“


Wéi entsteet eigentlech Mineralwaasser a wat ass dat Besonnesch u Gerolsteiner? Hei gi mir gewuer, wéi d'Waasser an d'Fläsch kënnt an och wéi et ofgefëllt gëtt. Mir léieren och déi innovativ Erfrëschungsgedrénks kennen a wéi se entstinn. Natierlech däerfe mir déi och schmaachen.

Mëttes iesse mir am Hotel Müllisch'shof zu Dohm-Lammersdorf.

**Um Menü steet:**

- Eng Rëndszopp mat Markklösschen
- Ee Schnitzel mat Fritten an Zalot oder een Zanderfilet mat Geméis a Gromperen
- Als Dessert eng Crème Brûlée

Dono fuere mir an den Adler a Wollefspark Kasselburg, deen Dir op eege Fauscht kënnt erkënnegen. Dësen 20 Hektar grousse Park ronderëm d'Buerg vu Pelm, bitt deem gréisste Wollefsruddel aus Westeuropa ee grousse Liewensraum. Ausserdeem liewen an dem Haff vun der Buerg verschidden Aarte vu Gräifvullen, ewéi Adleren, Kréchelen, Geieren asw.









## MËTTWOCHS,
02 | 08 | 2023

| | |
|---|---|
| TRËFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 08:30 |
| RETOUR: | GÉINT 20:00 |

| | |
|---|---|
| PRÄIS: | 80 € (MAT IESSEN) |
| UMELDUNG BIS : | 24 \| 07 \| 2023 |

# VISITT VUM ROUSEGAART ZWEEBRÉCKEN

03

03



Rosen Garten - Zweibrücken

Kee Gaart ouni Rousen, sou den Oscar Scheerer 1969.

De Rousegaart vun Zweebrécke mécht dës Stad zur Rousestad an et ass deen drëttgréisste vun Däitschland. Op iwwer 45000 m2 gesitt Dir méi ewéi 45000 Rousestäck vu 1500 verschiddenen Zorten an awer och nach vill aner Blummen. Et war Prinzessin Hildegard vu Bayern, déi d'Éier hat d'Eréffnung vun dëser Anlag den 20. Juni 1914 anzeweien.

An dëser eemoleger Gaardelandschaft loosse mir eis hei vun enger Diversitéit vu Faarwen a Gerécher verzauberen.

Ier mir an de Rousegaart era ginn, iesse mir nach zesummen zu Mëtteg zu Zweebrécken.




RosenGarten Zweibrücken







## MËTTWOCHS,

09 | 08 | 2023

TRËFFPUNKT: PARKING ARCA
AUERZÄIT: 10:00
RETOUR: GÉINT 20:00

PRÄIS: 40 € (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS : 28 | 07 | 2023

# 04

# EE KULINARESCHEN TOUR
# OP DER MARIE-ASTRID

04



MS “Princesse Marie-Astrid”

U Bord vun der MS “Princesse Marie-Astrid” hu mir d’Méiglechkeet eis schéi Musel aus enger ongewéinlecher a spannende Perspektiv ze erliewen.

2010 gouf dat ënner anerem schonns fënneft Schëff MS “Princesse Marie-Astrid” fir 500 Passagéier gebaut. Dovunner kënnen der eleng 220 ënner Deck Plaz huelen. Duerch dee luxuriéisen an eleganten Interieur erënnert dëst Schëff u berüümte Passagéierschëffer aus vergaangenen Zäiten. 1985 an 1990 ass op deem zweete Schëff MS”Princesse Marie-Astrid” de Schengener Accord ënnerschriwwe ginn.


Op dëser Visitt, wou mir ee gastronomesche Menü zerwéiert kréien, loosse mir, bedéngt duerch déi fantastesch Panoramafënsteren, d’Wäibierger, déi schéin Uertschaften a Bëscher gemittlech laanscht gleeden.

Um Menü steet:

- Entrée: Saumon Fumé mat Gromperekichelcher an Zalot
- Haaptplat: Duo de Filet de Boeuf et de Veau, sauce au poivre, Geméis a Gromperepüree
- Dessert: Parfait glacé Vanille mat Hambierzooss









## FREIDES,
11|08|2023

| | |
|---|---|
| TRËFFPUNKT: | PARKING ARCA |
| AUERZÄIT: | 10:30 |
| RETOUR: | GÉINT 17:00 |

| | |
|---|---|
| PRÄIS: | 90 € (MAT IESSEN) |
| UMELDUNG BIS : | 28 \| 07 \| 2023 |

AUGUST

CINÉMA

# « LES SOUVENIRS »

Comédie dramatique de Jean-Paul Rouve

05



Les Souvenirs

Romain (Mathieu Spinosi) a 23 ans. Il aimerait être écrivain mais, pour l'instant, il est veilleur de nuit dans un hôtel. Son père Michel (Michel Blanc) a 62 ans. Il part à la retraite et fait semblant de s'en foutre. Son colocataire a 24 ans. Il ne pense qu'à une chose : séduire une fille, n'importe laquelle et par tous les moyens. Sa grand-mère Madeleine (Annie Cordy) a 85 ans. Elle se retrouve en maison de retraite et se demande ce qu'elle fait avec tous ces vieux.

Un jour son père débarque en catastrophe. Sa grand-mère a disparu. Elle s'est évadée en quelque sorte. Romain part à sa recherche, quelque part dans ses souvenirs…












MERCREDI,
16|08|2023

Movie Time

| | |
|---|---|
| OÙ : | ARCA |
| HORAIRE : | 15:00 |
| PRIX : | GRATUIT |
| DURÉE : | 94 MINUTES |
| UMELDUNG BIS: | 14\|08\|2023 |

# 06

FILMNOMËTTEG

# "ICH BIN DANN MAL WEG"

Ee Film vum Julia vum Heinz



06


Ich bin dann mal weg

Nodeems den Hape Kerkeling (Devid Striesow) op der Bün schwaach gefall ass, réit säin Dokter him mol e puer Méint auszespanen. Kuerz drop informéiert hien seng Agentin Dörte (Annette Frier) datt en sech selwer muss erëm fannen andeems hien de Jakobswee wëll goen.


Mee dat ass guer net esou einfach an dee stengegen a géien Jakobswee ass immens ustrengend fir deen onsportlechen Hape. Kuerz drop begéint den Hape zwou sympathesch Pilgerinnen, déi hien esou motivéieren datt en iergendwéi erëm zu sech selwer fënnt....









| MËTTWOCHS 30 \| 08 \| 2023 | | Movie Time | |
|---|---|---|---|
| WOU: | ARCA | FILMDAUER: | 88 MINUTTEN |
| AUERZÄIT: | 15:00 | UMELDUNG BIS: | 28 \| 08 \| 2023 |
| PRÄIS: | GRATIS | | |

AUGUST

# FILMNOMËTTEG

# “TANZ INS LEBEN”

Eng dramatesch Komedie vum Richard Loncraine

# 07




Tanz ins Leben

No 35 Joer Bestietnis entdeckt d’Sandra Abott (Imelda Staunton), eng gutt situéiert Englännerin, datt hire frësch pensionéierte Mann Mike (John Sessions) schonns eng länger Zäit ee Verhältnes mat hirer Frëndin Pamela (Josie Lawrence) huet.


Ouni Weideres reest d’Sandra bei hir Schwëster Bif (Celie Imrie) op London, déi si säit 10 Joer net méi gesinn huet. Déi zwou Damme kënnen net ënnerschiddlecher sinn. Fir hir Schwëster aus hirem Schleekenhaus ze lackelen, hëlt d’Bif d’Sandra mat an Danzen. Lues a lues kënnt erëm Schwong am Sandra säi Liewen...










MËTTWOCHS

13 | 09 | 2023

| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

Movie Time

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 111 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 11 \| 09 \| 2023 |



# EISE FOTO RÉCKBLÉCK

FOTOEN






# TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin an mam
Christelle Bailey & Margot Jemming








# NÜRBURGRING

(17.03.23)


















# THÉ DANSANT

(26.03.23)















































# BERNKASTEL

Ausfluch (26.04.23)


















POST















# MUSÉE LALIQUE

Ausfluch (11.05.23)














































L'intempORelle





# TRËPPELTIER

Clairefontaine (21.02.23)






















# BUDDHA MUSÉE

Traben Trarbach (03.05.23)






















# INFORMATIONEN - INFORMATIONS

Einschreibung // Inscription



## WICHTIGE HINWEISE :

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS :

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES : BCEE LU15 0019 1001 0292 6000

CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club
Am Schlass

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass



WWW.BERTRANGE.LU

Commune de BERTRANGE